Rapport vun eiser Assemblée Générale vum 13ten Oktober 2016

Vum Comité waren présent :	Simone Frank, Jorge De Sousa, Linda Chretien, Eliane Barthel-Wians, Sophie Dreisbach, Astrid Kontz-Krause, Claude Kontz, Eliane Krier-Scholler, Sabine Luxen, Elvire Olinger-Ferber, Danielle Thiry-Blang
Ëntschellegt waren :	Manuela Reuter, Bettina Vogel

Ufank : 19.00 Auer

Begréissung vun der Präsidentin an den Aktivitéitsbericht

Mir waren frou den Här Christnach, Direkter vum LJBM, d 'Madame Linster an d' Madame Christnach vum Proffecomité, den Schülercomité, eis aktiv Comitésmemberen, déi nei Memberen souwéi och déi interesséiert Elteren ze begréissen.

D'Simone Frank huet den Aktivitéitsbericht 2014/2015 virgestallt den folgenden war :

- Präsenz vun eisen Comitésmemberen am
  - Conseil d'éducation
  - Commission de restauration
  - Projet d'établissement
- Präsenz vun Comitésmemberen bei der Fapel
  - Ausbildungsprogrammer
  - Réuniounen an Seminairen
  - Assemblée gen .Fapel
- Subsiden
  - SPOS => 500 EURO
  - SOIREE MAROCAINE => 300 EURO
  - VOYAGE EDUCATIF MUNICH => 300 EURO
  - TALENTOWEND => 500 EURO
  - REMISE DES PRIX => 300 EURO

- Präsenz vun eisen Comitésmemberen
    - op der Remise des prix an der Diplom Iwwerreechung
    - Theaterowend
    - Talentowend
    - Soirée marocaine
    - Portes ouvertes : Caféteria
    - Party Ljbm
    - Alles op de Velo

Rapport vum Trésorier dem Jorge De Sousa

Den Jorge huet eis séin Keessebericht 2015/2016 präsentéiert, wou eisen aktuellen Stand sech op 8.398,80 Euro beleeft.

D' Revisoren hunn d 'Keess iwwerpréift an do war alles an der Rei.

D 'Assemblée huet dem Caissier durch Klappen rem Décharge ginn fir seng exellent Aarbecht als Caissier vum Elterecomité.

Den Stand vun eisen aktiven Memberen am Comité

Nei Memberen fir den Elterecomité vum Lycée Josy Barthel sinn folgend:

Isabel Dos Santos Marques, Anouck-Reisdorffer-Wagner an Alexandra Tarantini

Austriedend ass:

Manuela Reuter

D' Simone Frank huet den neien Memberen Merci gesot fir hiert Engagement dat se bewissen hun sech am Comité anzeschreiwen an domat den Elterecomité gudd ënnerstëtzen wärten. Den Comité huet eng flott a wichteg Aufgab am Déngscht vun der schoulescher Educatioun vun den Kanner an wichteg fir ee Mateneen a Fireneen am Lycée ze garantéieren, duerch den gudden Dialog tëscht Proffecomité, der Direktioun an dem Elterecomité.

D'Assemblée huet durch Klappen déi nei Memberen begréisst.

Si huet och dem austriedenden Memberen, dem Manuela (wat leider net konnt präsent sinn) Merci gesot fir säint Engagement.

Den aktuellen Stand vun aktiven Comitésmemberen beleeft sech elo op 15 Memberen:

Simone Frank, Eliane Barthel-Wians, Jorge De Sousa, Linda Chretien, Dos Santos Marques Isabel, Dreisbach Sophie, Astrid Kontz-Krause, Claude Kontz, Eliane Krier-Scholler, Sabine Luxen, Elvire Olinger-Ferber, Anouck Reisdorffer-Wagner, Alexandra Tarantini, Danielle Thiry-Blang, Bettina Vogel.

D'Wuert vun der Direktioun an dem Proffecomité

D 'Madame Linster vum Proffecomité an den Direkter, den Här Christnach hunn dem austriedenden Member an den neien Memberen e ganz groussen MERCI ausgeschwat fir hier wäertvoll Aarbecht am Comité an si hunn och nach eng Kéier d' Wichtegkeet vun dem Elterecomité ënnerstrach an et wär och an hirem Sënn dat den Comité weider bestoen kann bleiwen an och si wëllen d' Elteren sensibiliséieren matzeschaffen . Dofir ginn Ziedelen vum Elterecomité vun den Regenten bei den Réuniounen ausgedeelt an den Elterecomité ass och jeweils bei den Réuniounen am Festsall vertrueden.

Den Här Christnach huet nach e puer allgemeng Informatiounen iwwert Schoul matgedeelt wei z.b. Busligne vum Bridel, déi ugefroot ginn ass an déi an der Bearbechtung ass, e puer Wuert iwwert Rentrée geschwaat, dei am allgemengen gudd verlaaf war an och e puer Wuert iwwert déi néi Sektioun „architecture, art et construction", déi an der Planung ass.

De Proffecomité an och den Schülercomité hun och nach e puer Wuert zu hierer Arbecht gesot an och an Zesummenarbecht mat dem Elterecomité. Madame Linster huet nach den neien Projet d'établissement „Josy helps" virgestallt wou och den Elterecomité mat vertrueden ass, genausou wei an der Commission de restauration, dem Conseil d'éducation, dem Conseil de sécurité.

D'Simone Frank huet den Invitéeën Merci gesot fir hiert Kommen. Den Här Christnach huet nach op en Patt invitéiert an sou ass den Owend flott ofgeschloss ginn.

Mir soen all eisen Memberen Merci fir hir Ënnerstëtzung.

Enn 21.00 Auer